Maison du Grand-Duc

# Biographie de Son Altesse Royale
# La Princesse Stéphanie

---

D'Ierfgroussherzogin ass de 18. Februar 1984 zu Renaix an der Belsch op d'Welt komm.

## Presentatioun

D'Comtesse Stéphanie de Lannoy ass déi Jéngst vun den 8 Kanner vum Comte de Lannoy († 10.01.2019) an der Comtesse de Lannoy, gebueren Alix della Faille de Leverghem († 26.08.2012). Si ass mat hire siwe Bridder a Schwësteren um Familljesëtz zu Anvaing an der belscher Provënz Hainaut opgewuess.

Den 20. Oktober 2012, bestuet d'Comtesse Stéphanie de Lannoy sech an der Cathédrale Notre-Dame zu Lëtzebuerg mam Ierfgroussherzog Guillaume a gëtt domadder Ierfgroussherzogin vu Lëtzebuerg.

D'Prinzessin Stéphanie an de Prënz Guillaume sinn Eltere vun engem Jong : de Prënz Charles Jean Philippe Joseph Marie Guillaume ass den 10. Mee 2020 an der Maternité Grande-Duchesse Charlotte zu Lëtzebuerg op d'Welt komm.

## Ausbildung

D'Ierfgroussherzogin huet hir Primärschoul an der « Ecole Sancta Maria » zu Renaix an der Belsch gemaach. Hir Sekundarstudien huet si am Collège Sainte-Odile am Norde vu Frankräich ugefaangen, éier si an den Institut de la Vierge Fidèle zu Bréissel gaangen ass, wou si 2002 hiren Ofschlossdiplom krut. Am Alter vun 18 Joer geet si ee Joer op Moskau, wou se Sproochecoursen hëlt a russesch Literaturwëssenschaft studéiert. Si verdéift an dëser Zäit och hiert Spill

op der Gei. Ausser hirer Mammesprooch, dem Franséischen, schwätzt d'Prinzessin Stéphanie fléissend lëtzebuergesch, däitsch an englesch.

D'Prinzessin Stéphanie huet hire Germanistikstudium op der Universitéit vu Louvain mat « grande distinction" ofgeschloss. Duerno goung si op d'Humboldt Universitéit vu Berlin, wou si sech an hirer Diplomaarbecht mam Afloss vun der däitscher Romantik op déi russesch Romantik, um Beispill vun E.T.A. Hoffmann a Puschkin, befaasst huet. Si bleift zu Berlin a mécht e Praktikum bei der wallounescher Investitiouns- an Exportförderungsagentur a schafft duerno fir eng Investmentgesellschaft.

Vun 2018 bis 2019 ass déi ierfgroussherzoglech Koppel zu London, wou d'Prinzessin Stéphanie un enger Formatioun an der Konschtgeschicht am Sotheby's Institute deelhëlt.

## Offiziell Aktivitéiten a Verflichtungen

D'Prinzessin Stéphanie mécht déi meescht vun hiren Aktivitéiten zesumme mam Prënz Guillaume, wat déi grouss Komplicitéit tëscht der Koppel erëmspigelt. Mat Natierlechkeet a Spontanitéit hëlt d'Prinzessin Stéphanie un offiziellen Aktivitéite wéi Nationalfeierdag, d'Neijoerschwënsch oder Staatsvisitten deel.

Bei ville Wirtschaftsmissiounen, mam Ierfgroussherzog un der Spëtzt a geleet duerch de Wirtschaftsministère, sief et an Afrika, Asien, Amerika oder Europa, ass d'Prinzessin Stéphanie un der Säit vun hirem Mann.
Si ënnerstëtzt de Prënz Guillaume bei sengen Aktivitéiten, a begleet hien op Gedenkfeieren, Firmejubiläen oder Visitten am Kader vum Prënz senge Schiermherrschaften.

Zanter hirer Hochzäit ass d'Ierfgroussherzogin ee vun de véier Administrateuren vun der Fondation du Grand-Duc et de la Grande-Duchesse.

D’Prinzessin Stéphanie huet der Associatioun Blëtz a.s.b.l. hiren Haut Patronage accordéiert. Dës Lëtzebuerger Associatioun steet Betraffene vun engem Hiereschlag zur Säit. Fir d’Prinzessin huet dësen Haut Patronage eng besonnesch Bedeitung, zemol hir Elteren allebéid betraff waren. Si ënnerstëtzt d’Aktivitéite vun der Organisatioun am Kader vun der Journée mondiale de l’AVC (Accident Vasculaire Cérébral) an informéiert sech permanent iwwer d’Konditiounen a Méiglechkeete vun Traitementer op dësem Gebitt, och iwwer d’Participatioun, ënner anerem, un der Conférence ergothéprapie face à l’AVC am Joer 2018. D’Prinzessin Stéphanie engagéiert sech awer och an de Reflexiounen déi den drëtten Alter uginn an d’Vereinsamung an eiser Gesellschaft.

D’Prinzessin ass um technologeschem Fortschrëtt intresséiert an huet dofir och am Joer 2014 den Haut Patronage vu Scienteens Lab iwwerholl, dee vum Luxembourg Centre for Systems Biomedicine (LCSB) gegrënnt gouf. Dëst ass den éischte Laboratoire dee Lycéesschüler fuersche léisst am Kader vun hire Studien, mam Zil, den Intressi fir d’Wëssenschaft ze fërderen.

D’Ierfgroussherzogin informéiert sech ausserdeem iwwer biologesch Landwirtschaft, wou si sech besonnesch intresséiert fir d’Verbesserunge vun de Produktiounssystemer fir d’Ëmweltbelaaschtung erofzesetzen. Sou mécht si, zesumme mam Prënz Guilllaume, reegelméisseg Visitte bei lokale Biobaueren oder hëlt un akademesche Sëtzungen zu deem Thema deel.

## Hiert Engagement fir d’Konscht

D’Prinzessin ass faszinéiert vun der Konscht an dem Handwierk. Wéi si op Lëtzebuerg koum, huet si en aussergewéinlecht handwierklecht Kënnen erlieft, wat awer dacks vun der Ëffentlechkeet wéineg erkannt gëtt. Dofir huet si decidéiert sech anzesetzen, datt d’Konscht an d’Handwierk opgewäert a gefërdert ginn. D‘Prinzessin sicht reegelméisseg den Austausch mat Artisten. Si

setzt sech och an fir d’Promotioun vun der Lëtzebuerger Konscht op der nationaler an internationaler Bün.

Si mécht sech staark fir sämtlech Beräicher vun der Konscht, sief et klassesch oder zäitgenëssesch Konscht, Molen, Konschthandwierk oder Fotografie. Dowéinst huet si am Joer 2013 och den Haut Patronage iwwer d’Associatioun « Les Amis des Musées d’art et d’histoire du Luxembourg » iwwerholl, wou si reegelméisseg un de « Midis de l’Art » deelhëlt, déi d’Associatioun organiséiert.

Si mécht sech fir sämtlech Beräicher vun der Konscht staark, sief et klassesch oder zäitgenëssesch Konscht, Molen, Konschthandwierk oder Fotografie. Dowéinst huet si am Joer 2013 och den Haut Patronage iwwer d'Associatioun "Les Amis des Musées d'art et d'histoire du Luxembourg" iwwerholl, wou si reegelméisseg un de "Midis de l'Art" deelhëlt, déi d'Associatioun organiséiert.

2016 huet si d'Presidence vum Verwaltungsrot vun der Fondation Musée d'Art Moderne Grand-Duc Jean (MUDAM) ugeholl. Am Joer 2021, nodeem hiert Mandat ausgelaf ass, gëtt si Éierepresidentin, fir och an Zukunft enk mam MUDAM verbonnen ze bleiwen.

Aus Suerg vum Verloscht vum handwierkleche Wëssen an dem Réckgang vun Intressi fir d’Handwierk an Europa an zu Lëtzebuerg, huet d’ierfgroussherzoglech Koppel am Joer 2016 eng Ausstellung organiséiert, déi als Zil hat, de Secteur vum Handwierk zu Lëtzebuerg ze revaloriséieren. Well déi éischt Ausstellung e grousse Succès war, huet d’Koppel decidéiert, hiert Engagement zugonschte vum Konschthandwierk auszebauen duerch d’Grënnung vun der Associatioun « De Mains de Maîtres Luxembourg ». Zousätzlech zu enger Biennale zu Lëtzebuerg an der Missioun, d’Handwierker ze ënnerstëtzen, organiséiert d’Associatioun Ausstellungen am Ausland, verdeelt Bourssen, organiséiert Pop-Up Storen, asw. Zil ass et, den aktive Kënschtler an

Handwierker an hirem Beräich ze hëllefen, an awer och Jonker ze motivéieren, d'Aventure vum Kënschtler an Handwierker mat Courage unzegoen.

Wéinst hirem groussen Asaz, d'Konscht bekannt ze maachen, huet d'Prinzessin den Haut Patronage vun der Associatioun Lëtz'Arles iwwerholl, déi Lëtzebuerger Fotographen bei de „Rencontres annuelles de la photographie à Arles" zu Éiere komme léisst.

## Intressen a Fräizäit

D'Ierfgroussherzogin huet sech vu klengem u fir klassesch Musek intresséiert. Schonn als Kand huet si, mat der Hëllef vun hiren Elteren, Solfège geléiert, grad wéi Piano a Gei ze spillen. Als Jugendlech war si begeeschtert vum Liesen. Hir Kenntnisser vu verschiddene Friemsproochen hunn hir et erméiglecht, klassesch Wierker an hirer Originalsprooch z'entdecken an ze studéieren.

Zanter der Gebuert vum Prënz Charles, geet d'Prinzessin Stéphanie ganz op an hirer Mammeroll a genéisst d'Momenter mat hirer klenger Famill. Si hëlt hir nei Aufgab als Mamm ganz eescht, a wënscht sech, datt hire Fils opwiisst mat de Wäerter vu Famill a Respekt, déi si mam Prënz Guillaume deelt.